

PRESSECOMMUNIQUÉ

D'DP-Fraktioun féiert den Télétravail an.

Duerch d'Digitaliséierung vun eiser Aarbechtswelt wäerten an Zukunft ëmmer méi Leit wëllen op den Home-Office zeréckgräifen. Dofir begréisst d'DP, datt d'Regierung sech am Koalitiouns- an am Klimaplang engagéiert huet, fir den Télétravail weider ze féerden an auszebauen.

Fir den DP-Fraktiounspresident Gilles Baum leien d'Virdeeler vum Télétravail op der Hand: *„Fir eis ass den Ausbau vum Télétravail net nëmmen eng Mesure, fir d'Famill an de Beruff nach besser ënnert een Hutt ze kréien, mä et ass doriwwer eraus eng ëmweltpolitesch Moosnam, déi wäert fir manner Stroosstrafic a fir manner Ofgase suergen. Dofir hu mir decidéiert, fir eng Virreiderroll an deem Beräich z'iwwehuelen an eise Fraktiounsmataarbechter ee flexibelen Télétravail z'erméiglechen.“*

Zu Lëtzebuerg gëtt den Télétravail ëmmer méi populär. Engem rezente STATEC-Rapport no, hunn 2018 scho bal 20% vun de Beschäftegten – op d'mannst stonneweis – vum Télétravail profitéiert. Dat ass eng Verdräifachung bannent nëmmen 10 Joer.

D'DP-Fraktioun.



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu